

T4HU2105

Telecommande

Gebrauchsanweisung

Iwwersetzung vun der däitscher
Originalversioun



*Wichtig: Virum Gebrauch
opmierksam liesen an duerno fir
spéider versueren.*

Inhaltsverzeichnis

1. Sécherheitsinformatiounen.....	3
1.1 Benotzten Zeechen a Symboler.....	3
1.2 Allgemeng Sécherheitshiweiser.....	4
2. Bestëmmungskonforme Gebrauch.....	4
3. Liwwerëmfang.....	5
4. Mise en service.....	5
4.1 Batterien asetzen.....	6
4.2 Telecommande koppelen / entkoppelen	7
4.3 Energiespuermodus	8
5. Tasterbeleeung	8
6. Programméierung	10
6.1 Signaltyp änneren	11
6.2 Televisioun aprogramméieren.....	12
6.3 Telecommande zerécksetzen	17
7. Feelerbehiwung.....	18
8. Rengegung.....	19
9. Entsuergung	20
10. Konformitéitserklärung	20
11. Technesch Daten.....	21

1. Sécherheitsinformatiounen

Éier Dir d'Telecommande benotzt, liest wgl. folgend Informatiounen opmierksam duerch. Si déngen dozou, falsch Benotzung an doraus entstoend Persouneschied, Stéierungen an / oder Schied un der Telecommande ze vermeiden.

Versuert dës Gebrauchsanweisung fir wa spéider Froen optrieden a gitt se un zukünfteg Benotzer weider.

1.1 Benotzten Zeechen a Symboler

Maacht lech wgl. am Virus mat den Zeechen a Symboler vertraut, déi an dëser Gebrauchsanweisung benotzt ginn.

SIDD VIRSIICHTEG

Bezeechent eng méiglecherweis onmëttelbar Gefor. Wa se net vermidde gëtt, kann dëst zu liichte Verletzungen féieren.

OPGEPASST

Bezeechent eng méiglecherweis schiedlech Situatioun. Wa se net vermidde gëtt, kann d'Telecommande oder eppes an hirem Ëmfeld beschiedegt ginn.



Zousätzlech Hiweiser an Informatiounen

1.2 Allgemeng Sécherheetshiweiser

OPGEPASST

Gefor vu Stéierungen oder Defekter um Apparat

Ëmfeldbedéngungen

- ➔ Schützt d'Telecommande virun direkter Sonnebestralung, offenem Feier oder aneren Hëtztquellen, ewéi z. B. der Heizung.
- ➔ Schützt d'Telecommande viru Fiichtgeeket, Waasserdrëpsen a Sprëtzwaasser.
- ➔ Benutzt d'Telecommande nëmmen an engem dréchenen a stëbsfräien Ëmfeld.

Mechanesch Belaaschtungen

- ➔ Loosst d'Telecommande net op de Buedem falen.
- ➔ Gebraucht bei der Benotzung vun der Telekommande keng haart oder schaarf Géigestänn, ewéi Fangerneel oder Messeren.

Spillend Kanner

- ➔ Versuergt d'Telecommande esou, datt Kanner net dru kommen.

2. Bestëmmungskonforme Gebrauch

D'Telecommande gëtt fir d'Steierung vu Set Top Boxen an aneren Televisionen a Verbindung mat IPTV-Systemer vun ocilion benotzt. All anere Gebrauch ass net bestëmmungskonform. Den Hiersteller iwwerhëlt keng Garantie fir Feeler, Stéierungen

oder Schied, déi op net bestëmmungskonforme Gebrauch zeréckzeféiere sinn. Dozou gehéiere besonnesch:

- falsch Handhabung
- Net Beuechte vun noutwendege Gebrauchs- a Lagerbedéngungen

3. Liwwerëmfang

- Telecommande T4HU2105
- 2 x Batterien Typ AAA
- Gebrauchsanweisung

4. Mise en service


SIDD VIRSIICHTEG

Gefor vu Verbrennung an Explosioun duerch Batterien

- ➔ Schützt d'Batterië virun direkter Sonnebestralung, offenem Feier oder aneren Hëtztquellen.
- ➔ Beuecht d'Sécherheetshiweiser op de Batterien.
- ➔ Ersetzt ëmmer gläichzäiteg béid Batterien duerch identesch oder gläichwäerteg Typen.
- ➔ Déi am Liwwerëmfang enthale Batterien däerfen net erëm opgeluede ginn.
- ➔ Huelt d'Batterien aus der Telecommande eraus, wann Dir dës méi laang net benotzt.
- ➔ Versuergt d'Batterien esou, datt Kanner net dru kommen.

4.1 Batterien asetzen

1. Maacht d'Batterien an d'Telecommande (cf. **Illustratioun 1**).
Dréckt dofir den Deckel vum Batteriegehis op der Markéierung
no ënnen an zéit en no hannen **1**, fir d'Batteriegehis
opzemaachen.
2. Leet d'Batterien an d'Batteriegehis **2** a gitt dobäi Uecht op déi
richteg Polung (cf. Markéierung um Buedem vum Batteriegehis).
3. Stiecht de Schlämpche vum Deckel an déi dofir virgesinn
Ëffnung **3** vum Batteriegehis an dréckt den Deckel vum
Batteriegehis no vir **4** bis Dir héiert, wéi en aspréngt.



Illustratioun 1: Batterien asetzen

4.2 Telecommande koppelen / entkoppelen

Bei der éischer Mise en service vun der Set Top Box gëtt de Signaltyp vun der Telecommande (Infrarout / Bluetooth) automatesch erkannt. Wann d'Telecommande sech am Bluetooth-Modus (Standard) befénnt, muss se fir d'éischt mat der Set Top Box gekoppelt ginn. Dëst kann e puer Minutten daueren.

4.2.1 Telecommande koppelen

Fir d'Telecommande ze koppelen, follegt den Instruktiounen um Bildschirm.

4.2.2 Telecommande entkoppelen (Bluetooth-Modus)

Wann Dir d'Telecommande géint eng nei austauscht, musst Dir déi al Telecommande entkoppelen.

1. Wiesselt op der Benotzerinterface vum IPTV-System op d'Usiicht **Astellungen > Telecommande** oder dréckt d'Tast op der Set Top Box.
2. Follegt den Instruktiounen, fir d'Telecommande ze entkoppelen.
 - D'Set Top Box start nei.
 - D'Usiicht, fir d'Telecommande ze koppelen, gëtt ugewisen
3. Follegt den Uweisung fir d'Telecommande ze koppelen.

4.3 Energiespuermodus


Fir d'Liewensdauer vun de Batterien ze erhéijen, huet d'Telecommande en Energiespuermodus. Dësen aktivéiert sech selbstänneg ca. 1 Minutt nodeem Dir keng Tast méi gedréckt, resp. d'Telecommande ewechgeluecht hutt. D'Verbindung mat der Set Top Box gëtt getrennt.

Esoubal Dir d'Telecommande erëm huilt, resp. eng Tast dréckt, gëtt d'Verbindung mat der Set Top Box erëm hiergestallt an déi gréng LED blénkt zweemol kuerz hannereneen.

5. Tasterbeleeung



D'Tasterbeleeung an de Funktiounsëmfang kënnen ofwäichen.



Illustratioun 3: Tastebeleegung

6. Programméierung



Beuecht d'Informatiounen an der jeeeweileger Programméieraart. Wann Dir dovun ofwäicht oder 15 Sekonne laang keng Tast dréckt, brécht de Programméiervirgang of. Dëst gëtt duerch en eemolegt Blénke vun der grénger LED ugewisen.

D'Telecommande verfüügt iwwer ënnerschiddlech Signaltypen. Zousätzlech kënnt Dir eng Televisioun aprogrammieren. Doduerch kënnt Dir mat der Telecommande d'Set Top Box an Är Televisioun steieren.

Signaltyp	Beschreibung	Code
Bluetooth (Standard)	Stiert d'Set Top Box am Bluetooth-Modus. D'Telecommande muss dofir mat der d'Set Top Box gekoppelt ginn.	1
Infrarout	Stiert d'Set Top Box am Infrarout-Modus.	2

Tabell 1: Signaltypen

6.1 Signaltyp änneren

Bei der Liwwerung befénnt d'Telecommande sech am Bluetooth-Modus. Wann Dir wéllt de Signaltyp änneren, gitt follgendermoosse vir:

1. Haalt d'Tasten **7** an **9** gläichzäiteg fir op d'mannst 3 Sekonne gedréckt.
→ Déi gréng LED vun der Telecommande liicht.
2. Gitt de gewénschte Code an (cf. Tabell 1 **Signaltypen**).
→ Déi gréng LED vun der Telecommande blénkt zweemol kuerz hannereneen.

De gewielte Sygnaltyp ass elo aktiv. Dir kënnt de Signaltyp jidderzäit op déi selwecht Manéier änneren. Wéi Dir kënnt d'Telecommande an den Ausliwwerungszoustand zerécksetzen, liest Dir am Kapitel **6.3 Telecommande zerécksetzen op Säit 17**.

6.2 Televisioun aprogramméieren





Méiglecherweis ass d'Telecommande net mat Ärer Televisioun kompatibel.

D'Telecommande verfüügt iwwer eng integréiert Datebank mat TV-Codë vu ville Marken. Jee nodeem vu wéi enger Mark Är Televisioun ass, kënnt Dir en TV-Code op ënnerschiddlech Manéier aprogramméieren:

- Manuell Programméierung: Dir musst den TV-Code manuell aginn.
- Marke-Codesich: Dir kënnt eng bestëmmte Mark no engem passenden TV-Code duerchsichen.
- Automatesch Code-Sich: Dir kënnt déi ganz TV-Datebank no engem passenden TV-Code duerchsichen.






6.2.1 Manuell Programméierung

Bei der manueller Programméierung musst Dir de passenden TV-Code direkt aginn. Jee no Televisiounsmark kann et sinn, datt Dir méi TV-Codë probéiere musst, bis Dir e passenden TV-Code fonnt hutt. D'Tabell mat den TV-Codë fannt Dir am Internet ënner **www.eltrona.lu/userguides**. Wann Dir den TV-Code vun Ärer Televisioun kennt, ass dëst déi séierst Programméierungsmethod.

1. Schalt Är Television an.
 2. Haalt d'Tasten **1** an **3** gläichzäiteg fir op d'mannst 3 Sekonne gedrückt.
 - Déi rout LED vun der Telecommande liicht.
 3. Gitt den 3-stellige Code aus der TV-Codetabell an.
 - Wann den TV-Code gültig ass, blénkt déi rout LED zweemol kuerz hannereneen.
 4. Haalt d'Tast  gedrückt an dréckt dann d'Tast .
 - Wann d'Television sech ausschalt, ass den TV-Code richtig.
 - Wann d'Television net op de Befehl reagiert, féiert d'Schrëtt 2 bis 4 jeeeweils mat weidere Coden aus der TV-Codetabell aus, bis datt d'Television sech ausschalt.
5. Schalt d'Television erëm un a widderehelt Schrëtt 4, fir weider Tasten auszeprobieren, ob dës richtig funktionieren.

6.2.2 Marke-Codesich

Bei der Marke-Codesich ginn d'TV-Codë vun enger bestëmmter Mark duerchsicht. An der follgender Tabell sinn 10 Televisiounsmarken opgelëscht. Wann d'Mark vun Ärer Televisioun net an der Tabell steet, benotzt eng aner Method fir d'Code-Sich.

1. Schalt Är Televisioun an.
2. Haalt d'Tast  an den entsprechende Code aus der Tabell op Säit 14 gläichzäiteg fir op d'mannst 3 Sekonne gedrückt.
→ Déi rout LED vun der Telecommande liicht.
3. Dréckt d'Tast  an duerno d'Tast .
→ Wann d'Televisioun sech ausschalt, ass den TV-Code richtig.
Schalt d'Televisioun erëm un a probéiert weider Tasten aus, ob dës richtig funktionéieren.
→ Wann d'Televisioun net op de Befeele reagiert, widderhuel Schrëtt 3 esou oft, bis sech d'Televisioun ausschalt resp. weider Taste richtig funktionéieren.
→ Duerch d'Drücke vun der Tast  schléisst de Programméierungsgang virzäiteg of.
4. Dréckt d'Tast , fir den TV-Code ze bestätegen.
→ Déi rout LED liicht zweemol kuerz hannereneen.

Mark	Code
Samsung	1
LG	2
Sony	3
Philips	4
Panasonic	5





Mark	Code
Loewe	6
Grundig	7
Sharp	8
Toshiba	9
JVC	0

6.2.3 Automatesch Code-Sich




Déi automatesch Code-Sich kann e puer Minutten daueren. Benutzt dës Method dofir nëmmen, wa keng aner Method funktionéiert huet.


Bei der automatescher Code-Sich ginn d'TV-Codë vun allen Televisiounsmarken durechsicht.

- Schalt Är Televisioun an.
- Haalt d'Tasten  an  gläichzäiteg fir op d'mannst 3 Sekonne gedrückt.
 - Déi rout LED liicht.
- Dréckt d'Tast  an duerno d'Tast .
 - Wann d'Televisioun sech ausschalt, ass den TV-Code richtig. Schalt d'Televisioun erëm un a probéiert weider Tasten aus,

ob dës richtig funktionéieren.

➔ Wann d'Televisioun net op de Befehl reagiert, widderhuel
Schrëtt 3 esou oft, bis sech d'Televisioun ausschalt resp.
weider Taste richtig funktionéieren.

➔ Duerch d'Drécke vun der Tast  schléisst de
Programmíervirgang virzäiteg of.

4. Dréckt d'Tast , fir den TV-Code ze bestätegen.

➔ Déi rout LED liicht zweemol kuerz hannereneen.

6.2.4 Televisioun steieren



*Wéi eng Taste vun der Telecommande mat Ärer
Televisioun kompatibel sinn, ass ofhängeg vun den Taste
vun der Original-Telecommande vun Ärer Televisioun.*

Wann Dir e gültege Code aprogrammíert hutt, kënnt Dir
d'Televisioun steieren.



Haalt d'Tast  gedréckt an dréckt dann déi gewünscht Tast fir
Är Televisioun ze steieren.

6.3 Telecommande zerécksetzen



Wann Dir d'Telecommande op Wierkparameteren zerécksetzt, musst Dir d'Telecommande nach eng Kéier mat der Set Top Box koppelen (cf. Kapitel **4.2.1 Telecommande koppelen op Säit 7**). Wann Dir en TV-Code aprogramméiert hutt, gétt dëse geläsch.

Fir d'Telecommande op Wierkparameteren zeréckzesetzen, gitt follgendermoosse vir:

1. Haalt déi rout  an déi blo  Funktiounstast gläichzäiteg fir op d'mannst 5 Sekonne gedrückt.
 - Déi gréng LED vun der Telecommande blénkt zweemol kuerz hannereneen.
2. Gitt d'Zifferen **9999** an.
 - Wann déi gréng LED zweemol kuerz hannerenee blénkt, gouf d'Telecommande op Wierkparameteren zeréckgesat.

D'Telecommande befénnt sech am Bluetooth-Modus.
D'Bluetooth-Verbindung mat der Set Top Box ewéi och den aprogramméierten TV-Code (wa virhanden) goufe geläsch.

7. Feelerbehiwung

Feeler	Léisungsméiglechkeeten
D'LED reagiert net	Kontrolléiert, ob d'Batterië richtig agesat sinn oder ob d'Batterien eidel sinn.
	Gitt méiglechst no bei d'Set Top Box erun an dréckt e puer Mol op iergendeng Zifferentast vun der Telecommande. Wann d'Set Top Box reagiert, bedeit dat, datt d'Batterië schwach sinn. Tauscht an dësem Fall d'Batterië géint neier aus.
Är Televisiounsmark steet net an der Codetabell an net an der Markentabell	Féiert déi automatesch Code-Sich aus (cf. Kapitel 6.2.3 Automatesch Code-Sich op Sait 15).
D'Televisioun reagiert net, obwuel déi automatesch Sich ausgefouert gouf	Déi automatesch Code-Sich duerchsicht all Coden. Dëst ka bis zu 15 Minutten daueren. Féiert déi automatesch Code-Sich mindestens 15 Minutte laang duerch.

Feeler	Léisungsméiglechkeeten
D'LED blénkt déi ganzen Zäit gréng	D'Telecommande ass nach net gekoppelt. Wéi Dir d'Telecommande koppelt, liest Dir am Kapitel 4.2.1 Telecommande koppelen op Säit 7 .
D'LED blénkt déi ganzen Zäit gréng	D'Telecommande ka keng Verbindung mat der Set Top Box opbauen. Iwwerpréift, ob d'Set Top Box mat Stroum versuert ass. Sollt de Problem weider bestoe bleiwen, musst Dir d'Telecommande nach eng Kéier koppelen (cf. Kapitel 4.2.1 Telecommande koppelen op Säit 7).

8. Rengegung

OPGEPASST

Gefor vun Defekter

- ➔ Rengegt d'Telecommande mat engem dréchenen, fISEMFRÄIEN Duch.
- ➔ Benotzt keng léisungsmëttelhalteg Botzmëttelen.

9. Entsorgung



Elektresch an elektronesch Apparater däerfen net mam Hausoffall entsuert ginn. Konsumente si gesetzlech verflucht, elektresch an elektronesch Apparater um Enn vun hirer Liewensdauer bei den dofir ageriichten öffentleche Sammelstellen oder un de Verkaufspunkt zeréckzeginn. Einzelheeten dozou ginn duerch dat jeeweilegt Landesrecht geregelt. D'Symbol um Produkt, op der Gebrauchsanweisung oder der Verpackung weist op dës Bestëmmungen hin. Mat der Reutilisatioun, dem Recyclage oder anere Forme vun der Verwäertung vun alen Apparater, leescht Dir e wichtege Bäitrag zum Schutz vun eiser Ëmwelt.

10. Konformitéitserklärung

Heimat erkläert den Hiersteller, datt d'CE-Kennzeechnung op dësem Apparat an lwwerastëmmung mat de grondleeënden Ufuerderungen an den anere relevante Bestëmmunge vun de follgende Richtlinnen ubruecht gouf:

2014/53/EU RED-Richtlinn

2011/65/EU RoHS-Richtlinn

De vollstännegen Text vun der EU-Konformitéitserklärung ass ënner der follgender Internetadress verfügbar:

www.eltrona.lu/CE

11. Technesch Daten

Artikelinformatioun	
Artikel-Nr.	T4HU2105/41k
Ëmfeldbedéngungen	
Temperatur	+5° - +40° C
Fiichtegkeet	20 - 80 %
Donnéeën zum Funkstandard	
Frequenzband	2,402 - 2,480 GHz
Max. Diffusiounsleeschtung	1 mW

Versiou: 1.1

Stand: 01.07.2021

Hiersteller:

Eltrona Interdiffusion S.A.

4 - 8, Rue de l'Académie • 1112 Luxembourg / LUXEMBOURG

Telefon: +532 499 466 888 • Internet: www.eltrona.lu



*Am Kader vu Produktverbesserunge behale mir eis vir, technesch an optesch Verännerungen un deem an dëser Gebrauchsanweisung beschriwwenen Apparat virzehuelen. Déi jeeeweils aktuell Gebrauchsanweisung fannt Dir am Internet ënner **www.eltrona.lu/userguides**. lertemer an Drockfeeler virbehalen.*